N°2150
Entrée le 28.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, vun der Ministesch fir Konsumenteschutz a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°2150 vum 26. Mäerz 2025 vum honorabelen Députéierte Goergen Marc zum Sujet "Plateforme Airbnb".**

**Fro 1 an 2 : Wéi vill Fäll vu Bedruch a passend Plainten si bei der Police am Kader vun den uewe genannte Plattformen an de leschte 5 Joer (pro Joer opgeléscht) enregistréiert ginn? Wéi eng verschidden Aarte vu Bedruch ginn an dësem Kontext enregistréiert?**

D'Police erhieft keng automatiséiert Statistiken zum Bedruch duerch d'Notzung vun den uewe genannte Plattformen. Et misst am Virfeld ënnerscheet ginn ob et sech ëm eng Plainte géint d'Plattform handelt oder drëtter viséiert sinn. De Begrëff Bedruch ka verschidden Infraktioune beinhalten, déi bei der Police spezifesch kategoriséiert ginn, wéi zum Beispill Kreditkaartebedruch, Phishing oder Locatioun vun Immobilien déi et net ginn oder engem net gehéieren.

Op Nofro vun der Direktioun fir Konsumenteschutz bei der ULC (Union Luxembourgeoise des Consommateurs) deelt ULC mat, datt sechs (6) Dossiere betreffend AirBnB am Zäitraum 1.1.2020 – 31.12.2024 erakomm sinn : bei zwee (2) Dossiere geet et ëm Arnaquen oder Phishing-Tentativen, bei zwee (2) Dossiere geet et ëm Froen am Kader vu Koproprietéiten, bei engem (1) Dossier handelt et sech ëm e Konflikt tëscht Locataire a Proprietär a bei engem (1) weideren Dossier handelt et sech ëm en Noperschaftssträit. Beim CEC (Centre Européen des Consommateurs Luxembourg) sinn am Laf vum Joer 2024 zwee (2) Dossiere betreffend AirBnB opgemaach ginn. Heibäi war entweder den Accès net garantéiert oder et huet sech an deem Sënn em falsch Annonce gehandelt wou d'Fotoe respektiv den Emplacement net der Realitéit entsprach hunn.

Bei der Direktioun fir Konsumenteschutz si keng Fäll gemellt ginn déi deene vun der Fro entspriechen. Am Kontext vun de genannte Plattformen, krut si 2024 awer 2 Fäll gemellt déi net vun der Fro viséiert sinn. Den éischte vun engem Appartement am EU Ausland wat duebel gebucht gouf a wou de Gaascht net entschiedegt ginn ass, am zweete Fall gouf de Gaascht fir e Schued am gelounten Appartement responsabel gehalen. D'Persoune sinn hei un de CEC verwise ginn, deen a sou Fäll zoustänneg ass, fir de Leit ze hëllefe bei der Plattform zu hirem Recht ze kommen.

**Fro 3 a 4 : Plangt de Ministère hei verstäerkt op d'Geforen hinzeweisen? Plangt de Ministère an dësem Kontext Entrevuen, zum Beispill mam Konsumenteschutz oder mat den Assurancen ?**

De Service prévention vun der Police mécht reegelméisseg Campagne fir op d'Gefore vu Phishing an "arnaques sur Internet" opmierksam ze maachen, mee et si keng spezifesch Campagne op Plattforme fir Locatioun vu Wunnengen ausgeriicht.

Falls de Leit illegal Aktivitéiten op Plattformen opfalen, sollen si dat op allefalls mellen. D'Plattform muss dann och der Saach nogoen an eventuell d'Annonce erofhuelen. Falls dat net de Fall ass, ass zu Lëtzebuerg d'Autorité de la concurrence zoustänneg fir der Saach an Zesummenaarbecht mat de jeeweilegen Autoritéiten op de Grond ze goen. E Formulaire fir eng Plainte anzereechen ass op Guichet.lu disponibel:https://guichet.public.lu/fr/citoyens/actualites/2024/octobre/17-plainte-autorite-concurrence.html

D'Direktioun vum Konsumenteschutz ass reegelméisseg am Austausch mat verschiddenen Instanzen, dorënner och mat der ULC a mam CEC.

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN